

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

De 15. Juli war an engem Artikel um Zitt vun RTL ze liesen, datt am Tunnel Markusbiërg de Mount iwwer 6500 Gefierer duerch de Streckeradar geblëtzt ginn. Beim zweete Streckeradar hei am Land, deem op der N11 tèschent Gonnereng an dem Waldhaff läit dës Zuel bei circa 400 de Mount.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill Accidenter während de Joren 2010 bis 2021 duerchschnëttlech pro Mount am Tunnel Markusbiërg registréiert goufen an a wéi vill Fäll et zu Saachsued koom, wéi dacks Leit blesséiert goufen a wéi dacks Leit hiert Liewe verluer hunn? Kann den Här Minister preziséieren, wéi déi Zuelen sech säit dem Enn vun der Testphase vun de Streckeradaren entwéckelt hunn?
- 2) Kann den Här Minister d'Vergläichszuele presentéieren, wéi déi 6500 Protokoller am Tunnel Markusbiërg an déi 400 op der N11 proportional zum jeeweilige Verkéiersopkommes stinn?
- 3) Kann den Här Minister ënnert dem Respekt vum Dateschutz matdeelen, wéi vill vun deene 6500 Protokoller am Tunnel Markusbiërg op Gefierer entfall sinn, déi net zu Lëtzebuerg immatrikuléiert sinn a wéi dacks de Protokoll an d'Ausland nogeschéckt gouf?
- 4) 2016 sinn zu Lëtzebuerg déi éischt fix Radaren a Betrib gaangen. Säitdeem koumen eng Rei Apparaten dobäi, déi nächst Streckeradare si fir d'Tunnelle vun der Nordstrooss geplangt, während um Terrain vun der Gemeng Lëtzebuerg Radaren ausprobéiert gi fir Chaufferen ze erfaassen, déi duerch Rout fueren. Bei eisem EU-Partner Spuenie leeft doriwwer raus eng Testphase fir ergänzend Apparater, déi erfaassen ob d'Leit eréischt kuerz virum Radius vum eigentleche Radar bremsen, respektiv erëm beschleunegen, wa si laanscht sinn. Kann den Här Minister en Iwwerbléck gi wéi vill zousätzlech Radaren an den nächste Joren zu Lëtzebuerg geplangt sinn, wéi eng Infraktioun vum Code de la Route se solle feststellen an op wéi eng Manéier dës erfaasst ginn? Kann den Här Minister an deem Zesummenhang preziséieren, wéi eng Etuden an deene leschte Joren zu Lëtzebuerg zu der Wierksamkeet vun deenen eenzelen Typen vu Radaren erstallt goufen an ob dobäi och dem classesche Konflikt tèschent Fräiheet a Sécherheet Rechnung gedroe gouf? Falls nach keng sou eng Etude virläit, kann den Här Minister da matdeelen a wéi engem Delai se geplangt wier?

- 5) Kann den Här Minister matdeelen, wéi déi fix Radaren sech an de Joren 2016 bis 2021 Brutto an Netto op de Staatsbudget ausgewierkt hunn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten